# Mir sinn déi politesch Mëtt
# nee2015 - Wee2050

De Leit, déi Asyl ugefrot hunn, sollen däitsch/lëtzebuergesch Sproochecoursen ugebueden ginn!

D'Regierung soll de Leit, déi Asyl ufroen, de fräie Choix ginn fir däitsch/lëtzebuergesch Sproochecoursen ze huelen!

Mir verstinn net firwat, dass déi Leit, déi bei eis Asyl ufroen, als éischt Sprooch franséisch léieren mussen, an dat obwuel:

1. Vill Leit (z. B. d'Syrer) hunn **Kenntnisser am Engleschen** an doduerch ass Däitsch fir si méi einfach ze léieren wéi Franséisch.

2. Mam Däitschen verstinn si eng vun den **administrativen Sproochen**.

3. Vill Syrer wollten oder wëllen **an Däitschland** goen oder hunn Famill oder Kollegen an Däitschland.

4. Duerch dat Däitscht hunn si et ganz einfach fir **Lëtzebuergesch ze léieren.**

5. Sproochekenntnisser am Lëtzebuergeschen vereinfachen d'**Integratioun** an féieren zu enger méi positiver Astellung an der lëtzebuerger Gesellschaft.

6. Duerch Sproochekenntnisser am Lëtzebuergeschen ass et hinnen méiglech déi Lëtzebuerger Nationalitéit unzehuelen an esou d'**Wahlrecht** ze kréien.

D'Lëtzebuerger Sprooch ass déi gemeinsam Sprooch vun alle Lëtzebuerger an duerfir essentiell fir eng voll Integratioun. Dat ass och kloer am Referendum sou erauskomm.

*Dëse Communiqué ass eng Reaktioun op folgend Artikelen:*
*- Corinne Cahen den 12.9.2015 op paperjam.lu : « les adultes (réfugiés syriens) commencent généralement par prendre des cours de français. »*
*- Artikel am Wort vum 22.9.2015 : „Integration auf Französisch" „Französisch gilt als Integrationsfaktor"*